LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 10 JUIL. 2020

Le Ministre des Communications
et des Médias

Personne en charge du dossier:
Josiane MEYSENBURG
☎ 247 - 86710

Monsieur le Ministre aux Relations
avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
L-2450 Luxembourg

REÇU
Par Alff Christian , 10:12, 13/07/2020

Objet: **Réponse commune de Monsieur Xavier BETTEL, Ministre des Communications et des Médias et de Monsieur Franz FAYOT, Ministre de l'Économie à la question parlementaire n°2360 du 9 juin 2020 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER au sujet « Réseau 5G au Luxembourg ».**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune à la question parlementaire n°2360 du 9 juin 2020 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER.

Veuillez agréez, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Ministre des Communications
et des Médias

Xavier BETTEL

177-000007-20040525-FR

5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Tél. (+352) 247-72012
Fax (+352) 247-92015

info@mediacom.public.lu

www.gouvernement.lu/smc
www.luxembourg.lu

**Äntwert vum Här Xavier Bettel, Kommunikatiouns- a Medieminister a vum Här Franz Fayot, Wirtschaftsminister op d'parlamentaresch Fro N°2360 vum 9. Juni 2020 vum Här Deputéierten Fernand Kartheiser**

D'Lëtzebuerger Operateuren, déi och schonns kommerziell 2G, 3G a 4G-Reseaue bedreiwen, hunn, esou wäit d'Regierung informéiert ass, di technesch Evaluatioun vun de méigleche Fournisseuren nach net komplett ofgeschloss. Et kann also dofir och nach nët ofschléissend gesot gi, wéi ee Material dobäi am beschten ofgeschnidden huet. Eng Rei Präzisiounen zu de Sécherheetskrittären an Technologieufuerderunge sinn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N°2320 vum Här Deputéierte Sven Clement beäntwert.

Souwuel d'Firmen ZTE wéi Huawei si chinesesch Fournisseuren, déi an Europa, an dobäi och zu Lëtzebuerg mat Operateure vu mobile Reseauen zesummeschaffe wëllen. . Dës zwou Entreprisen sinn an den USA ëffentleche Reprochen ausgesat.

D'Frequenzen, déi op europäeschem Niveau fir d'5G virgesi sinn, sinn nach net zu Lëtzebuerg zougedeelt. Am Moment gëtt et zu Lëtzebuerg nach keng ëffentlech 5G-Reseauen mee just e puer punktuell Test-Installatiounen.

Wéi bei villen aneren iwwergräifende Sujeten, gëtt et och bei der 5G eng interministeriell Ofstëmmung tëschent all de betraffene Ministèren a Verwaltungen. Dobäi gëtt och suivéiert, wat d'US-Regierung a Punkto 5G-Equipementer seet.